**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS - L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENROLES DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**1024 LUXEMBOURG-GARE**
Compte chèque postal No 31329

**Luxembourg, le**
9, rue du Fort Elisabeth

Offene Bréif un déi Responsabel vum „Hei Elei, Kuck Elei".

Zënter zwee Joërzéngt as op Baueresonndeg zu Lëtzebuerg d'Journée Commémorative Nationale vun den enrôlés de force. Déi lescht war e Sonndeg, den 11. September. Am „Les Sacrifiés" gët de ganze Programm publizéiert. D'Zeidongen annoncéiren d'Gedenkfeieren an d'Féderatioun vun den enrôlés de force invitéiert jiddereen derbäi ze sin.

Perséinlech Invitatioune gi verschéckt. Och un de Büro vun der lëtzebuergescher Emissioun bei RTL.

D'Herrscherhaus schéckt hire Vertrieder, wann de Grand Duc nët selwer ka kommen. Den Här Léon Bollendorf, als President, vertrëtt d'Châmber. Ganz dacks war den Här Statsminister perséinlech do (och esou den 11. September) oder en huet sech duerch e Minister vertriede gelooss. Wéi an de vergaangene Joere war och den Här Innenminister Jean Spautz do gewiescht. As den Här Erzbëschof verhënnert, da schéckt hien säi Vertrieder. Dacks sin och nëmmen Deputéiert bei de Gedenkfeieren uwiesend, déi selwer eemol zwangsrekrutéiert waren. Wann hir Kollegen et nët der Méi wert fannen, fir sech deen Dag fräizemaachen fir sech un déi vill gutt Lëtzebuerger ze erënneren, déi mat hirem Blutt bezuelt hun, fir datt Lëtzebuerg nees e fräien, onofhängege Stat konnt gin, an deem si d'Recht hu Gesetzer ze maachen an ze stëmmen, da sin dat hirer Saachen.

Awer firwat as zënter Joëren kéng Kamera vum „Hei Elei, Kuck Elei" méi derbäi?

As esou eng Gedenkzeremonie nët méi interessant genuch?

Huet eist Vollék kee Recht am Bild ze gesin, wéi d'Undenken un ons Krichs- an Naziaffer vun onsen hëchstgestaltene Perséinlechkeete waachgehale gët?

Dierf onse Jonktem nët gesin, wéi e laange Cortège vun der Häerz-Jesu-Kiirch aus sech op de Kanounenhiwwel bewegt? Wann déi Éischt scho beim Monument sin, sin déi Lescht nach nët emol op der aaler Bréck.

Sin ons Patrioten, Resistenzler, Malgré-Nous a Combattants ët no 43 Joër nët méi wert, datt e puer Meter Video-Kassett gedréit gin fir un hir Affer ze erënneren?

Déi Responsabel vum „Hei Elei, Kuck Elei" gesi nët, wann eemol am Joër d'Plaz um Kanounenhiwwel sech fëllt mat Leit an 20 Fuendelen ëm d'Éiweg Flam vum National Monument stin, an dat am Géigesaz zu der leschter Statsvisite, wou ausser den Offiziellen an dohi beuerderte Beamte knapp zwou Hännvoll „Zuschauer" inklusiv den Touristen an e puer Fuendele stin.

Dierf d'Volléк nët gesi, wat éierlech an opriichteg as, v'läicht nëmme méi nach eng Fassad?

395 Enrôlés de Force sin d'lescht Joër an 272 bis den 11. September dëst Joer gestuerwen. D'accord! D'Krichsgeneratioune stierwen aus. Awer d'Hannerbliwwen an d'Iwwerliewend vergiessen déi Doudeg nët a weisen dat um nationale Plang bei der Journée Commémorative vun den enrôlés de force.

... Ami, si tu tombes
un ami sort de l'ombre à ta place ...

Awer kéng Kamera vun RTL hält dat am Bild fest. Firwat?

Wien dréit duerfir d'Responsabilitéit? As dat gewolt?

As et nët Désinformatioun, wann ënnerlooss gët um kléngen écran un d'Affer vun onse „Morts pour la Patrie" ze erënneren?

Fédération des victimes du